adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

QP N°3757

RECU
Par Christine Wirtgen , 14:56, 03/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Virun zwee Joer hat d'Gewerkschaft vun de Giischtercher op sech opmierksam gemaach, andeems se Attacke vun aggressive Prisonéier op d'Sécherheetspersonal an eise Prisongen denoncéiert hat.

Am Kontext vu Gewalt a Gewaltpreventioun hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Gëtt et eng Evaluatioun zur Entwécklung vun der Gewalt an de Prisongen an de leschte Joren? Kann d'Madamm Minister eis eng Aschätzung vun der Situatioun ginn?
2. Wéi eng Roll spillt den Ament Gewaltpreventioun an de Prisongen? Ginn et Ënnerscheeder tëscht de Prisongen (Schraasseg, Givenech, Dräibuer)?
3. Wéi ass d'Entwécklung vun der Gewaltpreventioun an de Prisongen? Gëtt haut méi Gewaltpreventioun gemaach wéi virun e puer Joer oder manner?
4. Wéi eng Acteure këmmere sech ëm Gewaltpreventioun an de Prisongen?
5. Sollt Gewaltpreventioun éischter dorop zentréiert sinn, dass Gewalt am Prisong selwer verhënnert gëtt, oder éischter als Moossnam fir d'Erëmaglidderung an d'Gesellschaft?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 30 MARS 2021
Réf. QP-27/21

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 09:49, 30/03/2021*

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°3757 « Violence dans les prisons » du 3 mars 2021 de l'honorable Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n°3757 « Violence dans les prisons ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

Sam TANSON

L-2934 Luxembourg

136-000150-20051123-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madame Ministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n°3757 vum 3. März 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP iwwert d'Gewalt an de Prisongen**

1. **Gëtt et eng Evaluatioun zur Entwécklung vun der Gewalt an de Prisongen an de leschte Joren? Kann d'Madamm Minister eis eng Aschätzung vun der Situatioun ginn?**

An de leschten 3 Joer ass d'Gewalt an de Prisongen net an d'Luucht gaangen, mee se ass éischter liicht réckleefeg. Et ass net méiglech, eng genee Aschätzung vun der Situatioun ze ginn, vu dass d'Natur vun de Gewaltakte vun de Gefaangene vu Fall zu Fall verschidden ass.

Et huet net all Virfall déi selwecht Gravitéit an et stécht och net hannert all Acte déi selwecht Intention dolosive.

Während d'Gewalt am Prisong zu Giwenech relativ seelen ass, konnten am Prisong zu Schraasseg säit 2019 folgend Gewaltakte vu Gefaangene géint Beamten a géint aner Gefaangene rezenséiert ginn :

2019 :

- 3x tentative d'agression (2x probéiert en Teller op een ze geheien, 1x probéiert ze verhënneren, dass d'Beamten d'Zellendier zoumaachen)
- 1x e Coup mat der Fauscht
- 1x e Blat Pabeier an d'Gesiicht gedréckt
- 2 x ripostéiert bei engem Asaz vum GRIP (Groupe d'Intervention Pénitentiaire)
- 3 x gestouss

2020 :

- 3x tentative d'agression (2x op e Beamten duergaang, 1x e Beamten zeréckgedréckt)
- 2x een ugepaakt
- 3x Beamten ugegraff bei engem Asaz vum GRIP (dovunner 1x mam Stull gehäit)
- 3 x ripostéiert bei engem Asaz vum GRIP
- 1x en Teller op Beamte gehäit
- 1x Seef an d'Gesiicht
- 1x gestouss
- 1x an d'Gesiicht geschloen

2021 :

- 1x ripostéiert wéi d'Beamten 2 Gefaangener wollten auserneen huelen
- 1x engem d'Zellendier widdert de Kapp geschloen

2. **Wéi eng Roll spillt den Ament Gewaltpreventioun an de Prisongen? Ginn et Ënnerscheeder tëscht de Prisongen (Schraasseg, Givenech, Dräibuer)?**

Et ass soss ëmmer een Anti-Gewalttraining (AGT) an dem Prisong zu Schraasseg ugebuede ginn, mee déi Offer ass aus zwee Grënn ofgeschaaft ginn :

- D'Prisongsverwaltung fënnt keng Professioneller, déi nach een Training ubidden, deen den uerdentlechen, wëssenschaftleche Critèren entsprécht.

- D'Prisongsverwaltung huet och festgestallt, dass net all Gefaangene mat Gewaltproblemer ee Kandidat fir een AGT ass, vu dass déi Mesure net ganz spezifesch agesat ka ginn.

Et ginn a verschiddene Fäll aktuell nach individualiséiert Psychotherapien ugebueden, déi um Gewaltproblem schaffen. Den Département de la criminologie et de la recherche vun der Prisongsverwaltung schafft momentan een neien adaptéierten AGT aus, deen an nächster Zukunft wäert finaliséiert sinn. Dës nei Offer wäert fir d'Prisongen zu Schraasseg an zu Giwenech gëllen.

De Centre socio-éducatif de l'Etat (CSEE) an d'UNISEC (Unité de sécurité) zu Dräibuer ënnerstinn net der Kompetenz vun der Prisongsverwaltung a soumat och net där vum Justizministère.

3. **Wéi ass d'Entwécklung vun der Gewaltpreventioun an de Prisongen? Gëtt haut méi Gewaltpreventioun gemaach wéi virun e puer Joer oder manner?**

Aktuell gëtt éischter manner Gewaltpreventioun gemaach, an dat wäert fir déi allgemeng Mesuren och esou bleiwen. Den neien, virdrun erwäänten AGT-Programm, dee vum Département de la criminologie et de la recherche ausgeschafft gëtt, befënnt sech an der finaler Konzeptiounsphase.

Am Kader vun der prise en charge pénologique individualisée et spécifique, déi et engem Gefaangenen erlaabt, individuell suivéiert ze ginn, ginn allerdéngs vill méi gezielt an op den Eenzelfall ugepassten Interventiounen an der Gewaltpreventioun duerchgefouert.

4. **Wéi eng Acteure këmmere sech ëm Gewaltpreventioun an de Prisongen?**

Déi méi generalistesch an un vill Gefaangene geriichten allgemeng AGT-Mesurë kënnen zum Deel vu SPSE-Personal (Service psycho-socio-éducatif) vun de Prisongen zu Schraasseg an zu Giwenech duerchgefouert ginn.

Déi méi spezifesch Mesuren, ënner anerem am Kader vun der prise en charge pénologique individualisée et spécifique, ginn awer vun externen Experten duerchgefouert.

5. **Sollt Gewaltpreventioun éischter dorop zentréiert sinn, dass Gewalt am Prisong selwer verhënnert gëtt, oder éischter als Moossnam fir d'Erëmaglidderung an d'Gesellschaft?**

Béides sinn Zieler vun der Gewaltpreventioun, déi an de Prisongen wichteg ass fir weider Gewalt ze verhënneren, mee déi och een ausschlaggebende Facteur fir eng spéider Erëmaglidderung an d'Gesellschaft duerstellt.